



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par:

Tel:

Email:

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

REÇU  
Par Alf Christian, 08:05, 01/09/2020

Luxembourg, le 31 août 2020

Réf. : 833xadd18

**Concerne:** Question parlementaire n°2648 du 11 août 2020 de M. le Député Jeff Engelen concernant le « plan particulier d'intervention de la centrale nucléaire de Cattenom »

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°2648 du 11 août 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le « plan particulier d'intervention de la centrale nucléaire de Cattenom ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé

Anne Calteux  
Premier Conseiller de Gouvernement



**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé, Madame la Ministre de l'Intérieur et Monsieur le Ministre d'Etat à la question parlementaire n° 2648 du 11 août 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant le « plan particulier d'intervention de la centrale nucléaire de Cattenom ».**

1. Gëtt deen uewe genannten Hëllefspiang regelméisseg à jour gehaalen ?

Den „Kriseninterventiounspiang am Kader vun engem nuklearen Akzident“ (Plan d'intervention d'urgence en cas d'accident nucléaire), ausgeschafft ënner der Koordinatioun vum Héije Kommissariat fir national Sécherheet (HCPN) an Zesummenaarbecht mat den betroffenen Ministère, Verwaltungen an Servicer, gët regelméisseg iwwerschaaft. An der Revisioun gin besonnesch d'Erfahrungen aus den nationalen an internationalen Übungen, eventuell Entwécklungen um Niveau vun den Krisenmanagement Systemer an eisen Nopeschlänner sou wéi Erfahrungen no der Aktiveierung vun aaneren Krisenpleng berücksichtegt.

No der nuklearer Katastroph vun Fukushima-Daiichi (2011), gouf den „Interventiounspiang am Fall vun engem Tëscheffall oder Akzident an dem Atomkraaftwierkt zu Kettenuewen“ (Plan particulier d'intervention en cas d'incident ou d'accident à la centrale électronucléaire de Cattenom) vun 1994 vum Héije Kommissariat fir national Sécherheet an enker Zesummenaarbecht mat den betroffenen Ministère an Verwaltungen iwwerschaaft. Den neien „Kriseninterventiounspiang am Kader vun engem nuklearen Akzident“ gouf 2014 vum Regierungsrat ugeholl. Dës Revisioun gouf begleet vun enger grouss ugeluegten Informatiouns- an Sensibiliséierungskampagne vun der Bevëlkerung an dem Verdeelen vun Kaliumioditabletten un d'Stéid an d'Gemengen hei am Land. Am Joër 2018, huet den Regierungsrat eng iwwerschaaft Version vum Kriseninterventiounspiang vun 2014 ugeholl.

2. Wa jo, wéi leeft dës Prozedur genee oof a wéi eng Acteure sinn all dobäi involvéiert ?

Den HCPN koordinéiert déi regelméisseg Revisioun vum Kriseninterventiounspiang an enker Zesummenaarbecht mat der Divisioun vun der Radioprotectioun vun der Direktioun vun der Santé, dem Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) an dem Service vun der Krisenkommunikatioun. All déi implizéiert Akteure gin regelméisseg invitéiert deen Deel vum Plang nozekucken, deen sie betrëfft. Den HCPN kompiléiert déi iwwerschaaft Deeler an ennerbreet se dem Regierungsrat fir Genehmegung, am Fall vun fundamentalen Ännerungen. Un dem Ausschaffen an der Revisioun vum „Kriseninterventiounspiang am Kader vun engem nuklearen Akzident“ sin folgend Ministère, Verwaltungen, Servicer an Etablissements publics bedeelegt:

- den Héije Kommissariat fir national Sécherheet,
- de Gesondheitsministère - Divisioun vun der Radioprotectioun an d'Direktioun vun der Santé,
- den Inneministère,
- de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend,
- de Ministère fir Famill, Intégratioun an d'Groussregioun,
- de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten – Departement fir Mobilitéit an Transport,
- de Ministère fir Landwirtschaft, Waïbau a ländlech Entwécklung,
- d'Groussherzoglech Police,
- den Corps grand-ducal d'incendie et de secours,
- den Service vun der Krisenkommunikatioun,
- d'Waasserverwaltung.

3. Zenter dem Joer 2002 ass eis Bevëlkerung ëm ronn 1/3 geklommen. Wär et an deem Kontext net un der Zeit, op e Neits eng Informatiounscampagne ze starten, fir d'Leit iwwert d'Sécherheitsmesuren am Hibleck op e méiglechen nuklearen Onfall ze sensibiliséieren an ze informéieren?

Laut dem groussherzoglechen Reglement vum 11. August 1996 (Mém. A – n°64 vum 2. September 1996, S. 1980) ass d'Regierung verpflichtet fir d'Bevëlkerung ze informéieren. Dës Informatiounen beschränken sech net nëmmen op Sécherheitsmesuren am Hibleck op e méiglechen Onfall, mee sie gin och Renseignementer betreffend Radioaktiviteit, hier Auswierkungen an Konsequenzen fir Bevëlkerung, Informatiounen iwwert Noutfallmoosnamen (Alarm, Sécherheet an de Schutz vun der Bevëlkerung) sou wéi Rekommandatiounen betreffend Verhalen am Noutfall. Wéi et an der Äntwert op d'Fro N°1 ugedeit gouf, huet Regierung 2014, eng grous ugeluegten Informatiouns- an Sensibilisierungskampagne lancéiert:

- Sou wéi et den „Kriseninterventiounsplang am Kader vun engem nuklearen Akzident“ virgesait, huet d'Regierung Kaliumiodidtabletten un d'Bevëlkerung verdeelt. All Awunner krut en Informatiounsschreiwes mat Informatiounen zu dem Verdeelen vun den Tabletten. Zousätzlech kréien d'Elteren vun engem Neigebuerenen an der Maternité eng Packung pro Kand mat Iodtabletten ausgedeelt an d'Betriber hierersäits kennen Tabletten via den Internetsite [www.infocrise.lu](http://www.infocrise.lu) bestellen.

- Niewt der Verdeelungskampagne an den Informatiounen iwwert Iodtabletten, huet d'Regierung d'Informatiounsbroschür „Wat maache bei Atomalarm?“ iwwerschafft. Dës Broschür présentéiert kuerz an verständlech d'Alarmprozeduren an d'Schutzmoosnamen, déi am Noutfallplang stin. D'Broschür existéiert an verschiddenen Sproochen (däitsch, franséisch, lëtzebuergesch, englesch an portugisesch) an et kann een se um site [www.infocrise.lu](http://www.infocrise.lu) eroff lueden.

- Um Internetsite [www.infocrise.lu](http://www.infocrise.lu), deen 2014 lancéiert gouf, fënnt Bevëlkerung, niewt der Informatiounsbroschür, eng ëffentlech Versioun vum Kriseninterventiounsplang, zousätzlech Informatiounen betreffend Präventiouns- an Schutzmoosnamen fir den Noutfall sou wéi generell Informatiounen iwwert déi natierlech an kënschtlech Radioaktivitéit.

4. Gëtt bei den zoustannege Verwaltungen - d.h. Schoulen, Gemengen a beim Zivilschutz reegelméisseg kontrolléiert, datt deen néidege Stock u Kaliumiodidtabletten och effektiv ëmmer am néidegen Ëmfang virzefannen ass?

Wéi de Plang 2014 iwwerschafft ginn ass, gouf och d'Verdeelung vun den Kaliumiodid-Pëllen nei definéiert. Kaliumiodid-Pëllen si präventiv un d'Awunner vu Lëtzebuerg verdeelt ginn. Schoulen a Betreungsstrukture fir Kanner hu fir den Noutfall Pëllen op Reserv. D'Eltere vun all Neigebuerenem kréie pro Kand e Pak Kaliumiodid-Pëllen an der Maternité. Ausserdeem hunn d'Gemengen am 25-km Radius vu Cattenom eng Reserv u Pëllen, déi duergeet, fir am Fall vun engem nuklearen Accident der kënnen zousätzlech ze verdeelen. D'Betriber kennen och ee Stock fir hier Mataarbechter bei der Santé kréien.

5. Ginn d'Kaliumiodidtablette reegelméisseg op d'Qualitéit an d'Haltbarkeet iwwerpréift?

D' Kaliumiodid-Pëllen gi an reegelméissegem Ofstänn op d'Qualitéit an d'Halbarkeet an dem Laboratoire national de la Santé (LNS) iwwerpréift. Di nächst Kontroll ass 2021 virgesinn. Bis elo si bei deenen Kontrollen keng Unzeechen op eng Degradatioun festgestallt ginn.

6. Gëtt de Stock u Kaliumiodidtablette reegelméisseg un d'Bevëlkerungszuel ugepasst?

D'Santé keeft reegelméisseg zousätzlech Kaliumiodid-Pëllen. Des Pëlle ginn an éischer Linn benotzt fir iwwert d'Maternité'en un déi Neigebueren ze verdeelen an d'Stocke vun Schoulen, Betreierungsstrukturen a Betriber unzepassen.